


# Journée de la commémoration nationale

15. Oktober 2023

Atert - Lycée Réiden

***Wat een alles an dëser Brochure fënnt***
***an***
***och dat wat een net do fënnt mee op der Websäit vum Atert Lycée Réiden***

*Wann een d'Brochure vun 2023 mat deene vun de leschte Joere vergläicht da fällt e fundamentalen Ënnerscheed op: bis elo hu mer probéiert di verschidden Elementer vun der Feier, sou wéi se vun de Schüler a Schülerinnen virgedroen ginn, an dëst klengt Heft ze setzen. Dëst Joër hu mer esou e Räichtum vu verschiddenen Dokumenter, Témoignagen, Lidder, Podcast, Videoclips asw, datt se nët an di 28 Säite passen. Den Atert Lycée Réiden huet hei innovativ geschafft an optimal d' Méiglechkeeten vun hirem Site Web ausgenotzt. Dofir fannt Der bei villen Texter den Hiweis, datt Der de QR Code sollt uklicken an da kommt Der op hir Websäit mat villen zousätzlechen Informatiounen.*

*Fir de* ***Comité pour la Mémoire de la Deuxième Guerre mondiale****,*

**Guy Dockendorf**

**alr.lu/jcn**

# Virwuert vum Staatsminister

Den zweeten Deel vum Nationale Commemoratiounsdag mat sengem kulturelle Programm ass iwwert déi lescht Joren zu engem wichtege Rendezvous fir d'Gedenkaarbecht zu Lëtzebuerg ginn. De Public kritt hei d'Méiglechkeet, zesumme mat der Jugend, sech nach méi enk mat verschiddenen Themen aus der Geschicht auserneen ze setzen. Ech wëll dofir op dëser Plaz dem Comité pour la mémoire de la Deuxième Guerre mondiale, der Gemeng Réiden-Atert, dem Atert-Lycée esou wei alle Participante fir d'Organisatioun vun dësem Nomëtteg "Merci" soen.

Den Nationale Commemoratiounsdag geet zréck op d'Personenstandsaufnahme vum 10. Oktober 1941. Deemools hunn d'Nazien d'Bierger gefrot, ob si jiddesch wieren an och wat hir Nationalitéit, Mammesprooch a "Rass" wier. D'Resistenz huet iwwer Trakter dozou opgeruff fir déi lescht Froe mat "Lëtzebuergesch" ze beäntweren. Well ganz vill Leit dëser Opfuerderung nokomm sinn, huet dës sougenannte "Vollekszielung" missten annuléiert ginn.

Traditionell gedenke mir op dësem speziellen Dag dem Asaz vun der Resistenz am zweete Weltkrich, dem Schicksal vun den zwangsrekrutéierte Jongen a Meedercher, souwéi den ëmgesidelte Familljen an den Affer vun der Shoah.

2023 erënnere mir eis awer och u weider Evenementer. 1943 verléisst de leschten Deportatiounszuch mat jiddeschen Affer Lëtzebuerg a Richtung Konzentratiounscampe. 1943 ass och dat Joer wou Lëtzebuerger Jongen a Resistenzler dozou bäigedroen hunn, dass d'Rakéitefabréck vum Typ V1 a V2 zu Peenemünde an Däitschland bombardéiert gëtt. A virun 80 Joer kommen och déi éischt Lëtzebuerger Zwangsrekrutéiert a Krichsgefaangenschaft zu Tambow.

Zousätzlech zu dësen Evenementer hu mir dëst Joer och nach den 100. Anniversaire vun der Aweiung vun der "Gëlle Fra" gefeiert. 1923 opgeriicht, ass dëst Monument mat der Zäit e staarkt Symbol vu Fräiheet, Engagement an Zesummenhalt fir eist Land ginn.

2023 ass de 70. Anniversaire vun der Armistice vum Koreakrich, an deem och Lëtzebuerger Zaldote gekämpft hunn. Dëst ass den éischten internationalen Asaz, un deem d'Arméi deelgeholl huet zënter der Befreiung duerch déi alliéiert Truppen. No den Erfarungen aus dem zweete Weltkrich war et fir d'Land e kloert Bekenntnis zu Fridden an internationaler Solidaritéit. Valeuren, fir déi mir eis och weiderhin asetzen.

**Xavier Bettel**
**Staatsminister**

# Virwuert vum Direkter vum Atert Lycée Réiden

Den zweete Weltkrich war déi donkelsten Zäit an der jonker Geschicht vum Lëtzebuerger Land. Dat grousst Leed, d'Ënnerdréckung an d'Angscht, déi d'Lëtzebuerger wärend där Zäit hu missen erdroen, si fir eis haiteg Generatioun schwéier virstellbar. Mir liewe säit iwwert 75 Joer a Fridden an e Krich mat all senge fuerchtbare Konsequenzen ass fir vill Leit wäit ewech, och wann de Krich an der Ukrain eis weist, wéi schnell e Land an e militäresche Konflikt gerode kann.

Et ass d'Aufgab vun eis all d'Erënnerung un déi schwéier Momenter vun der Geschicht un déi nächst Generatioune weider ze ginn. Nëmmen d'Bewosstsi wat Krich an Totalitarismus fir Misär, Leed an Trauer mat sech bréngen, kann derzou bäidroen, datt mir dëst och an den nächste Joerzéngte verhënnert kréien.

D'Schoul spillt bei der Vermëttlung vun deem, wat d'Resistenzler, d'Zwangsrekrutéiert an d'Affer vun der Shoah am zweete Weltkrich erdroen hunn, eng ganz wichteg Roll an dofir ass et eng wonnerbar Initiativ vum Comité pour la Mémoire de la Deuxième Guerre Mondiale all Joer e Lycée mat senge Schülerinnen a Schüler a sengen Enseignanten an d'Zeremonie zur Journée de la commémoration nationale anzebannen.

D'Communautéit vum Atert-Lycée fillt sech geéiert fir kënnen aktiv um nationale Gedenkdag ze participéieren an sou derzou bäidroen ze kënnen, datt de Courage an d'Solidaritéit vun de Lëtzebuerger wärend der Occupatioun an d'Ënnerdréckung an eiser Memoire erhale bleiwen. Fir d'Schülerinnen a Schüler wéi och fir d'Enseignanten war et eng immens intensiv Erfarung fir de Sujet vum Leed vum zweete Weltkrich fir d'Zeremonie opzeschaffen an a verschidde Formen duerstellen ze kënnen. Fir eis Schülerinnen a Schüler ass et eng ganz besonnesch Experienz, déi si sécherlech nohalteg präge wäert.

**Jeff Kohnen**
**Direkter Atert-Lycée Réiden**

## Virwuert vum Buurgermeeschter vu Réiden/Atert

Den Nationale Commemoratiounsdag gëtt alle Lëtzebuerger d'Geleeënheet, sech un d'Nazi-Ënnerdréckung vun 1940 bis 1945 z'erënneren.

An d'Undenken un all d'Affer héichzehalen, déi sech der Tyrannei entgéintgestallt hunn, a fir d'Onofhängegkeet an d'Fräiheet vun der Heemecht gekämpft hunn.

Hei gëtt un déi Leit geduecht, déi hiert Liewen am Naziregimm gelooss hunn, sief et duerch d'Occupatioun hei am Land oder duerch Zwangsrekrutéierung am Ausland.

Och gëtt un déi Leit geduecht, déi am 1. Weltkrich gefall sinn.

Geéiert gi si, andeems un d'Wäerter, wéi Meenungsfräiheet, Respekt virun Aneren a Fridden erënnert gëtt.

Mir vernäipen äis haut virun an all de Lëtzebuerger Affer vun der Kriichsgeneratioun, vum Zweete Weltkrich a maachen dat mat Respekt, Demut an Dankbarkeet. Hiert Beispill soll äis, d'Generatiounen vun haut, jonk an al, drun erënneren, datt et eis Flicht ass, äis all Dag op en Neits ze engagéieren fir déi demokratesch Wäerter an de Respekt vun den Mënscherechter, déi weiderhin queesch duerch d'Welt mat Féiss getrëppelt ginn, oprecht ze erhalen.

Leider ass et Joeren méi spéit nach ëmmer net iwwerall sou op der Welt. Souguer de Fridde an der EU schéngt a Gefor ze sinn.

Jiddereen deen déi aktuell Situatioun kuckt, wäert sech eescht Gedanke maachen. Et gëtt op der ganzer Welt Problemer a mir spieren d'Konsequenzen hautno.

De 24. Februar 2022 huet Russland d 'Ukraine militäresch iwwerfall. Déi westlech Länner hu mat Sanktioune reagéiert. Ganz ofgesi vum mënschleche Leed, huet dëse Konflikt och e wirtschaftleche Volet.

Vill Länner wëlle méi Suen an hiert Militär stiechen. Millioune vu Leit sinn aus der Ukraine geflücht, d 'Solidaritéit an der EU ass grouss. De Russland-Ukraine-Konflikt ass eng Gefor fir d 'Stabilitéit an de Fridden an Europa.

De Konflikt tëschent Russland an der Ukraine ass mat enorme Risiken fir ganz Europa verbonn. Näischt garantéiert, datt dese Konflikt net och op aner Länner iwwersprëngt.

Wat sinn d 'Instrumenter fir een nohaltege Fridden an de betraffene Regiounen an a ganz Europa ze garantéieren? Dat ass de Roll vun der Europäescher Unioun.

Ech wënsche mir datt de Weltfridden esou séier wéi méiglech erëm hiergestallt gëtt.

**Gerekens Henri**
**Buergermeeschter, Réiden/Atert**

# Virwuert vum Präsident vun der Chamber

Ech si frou, hei ze sinn, a besonnesch frou an dankbar sinn ech, datt dës Commemoratioun, wéi och déi lescht Joren, an engem Lycée organiséiert gëtt. Well et wichteg ass, datt verschidde Generatiounen sech domat beschäftegen, datt déi Jonk d'Evenementer aus dem Zweete Weltkrich net nëmmen aus de Schoulbicher kennen, a well et besonnesch wichteg ass, datt déi nächst Generatiounen un der Erënnerung matschaffen.

An ech sinn ëmmer erëm impressionéiert, wéi d'Enseignanten an d'Schüler sech mat deem Sujet auserneesetzen.

Léif Schüler an Enseignanten aus dem Atert-Lycée Réiden,

Dir hutt intensiv fir den Dag vun haut geschafft an e flotte Programm opgesat. Dir hutt vill originell Projeten ausgeschafft, net nëmmen fir d'Commemoratioun haut. Eng Partie vun Iech hu Visitten, ënnert anerem, op Ausschwitz, Dachau, Sachsenhausen, Berlin, Baaschtnech, de Schumannseck, oder Dikrech gemaach. Dofir och e grousse Merci un d'Direktioun vum Atert-Lycée an un d'Organisateure vun deene Reesen.

Dat ass Erënnerung fir unzepaken!

Mir ass et definitiv net baang ëm d'Gedenken, wann ech gesinn, op wéi eng digne Manéier un d'Vergaangenheet, un d'Affer vun deemools erënnert gëtt. Duerch Ären Asaz bleift d'Memoire lieweg! An dofir soen ech Iech e grousse Merci.

Merci awer och der Gemeng Réiden, dem Comité pour la Mémoire de la Deuxième Guerre Mondiale, an deene villen anere fläissegen Hänn.

Dir Dammen an Dir Hären,

Haut erënnere mir un en historeschen Datum: Den 10. Oktober 1941 huet eis deemoleg Bevëlkerung 3 Mol "Lëtzebuergesch" geäntwert. Op dësem nationale Commemoratiounsdag erënnere mir un de Courage vun all deenen, déi sech den Nazien entgéintgestallt hunn. Mir denke mat Dankbarkeet un déi, déi alles op d'Spill gesat hunn, fir e fräit Lëtzebuerg.

Erënneren ass fir eis all wichteg. Fir meng Generatioun a fir déi Generatiounen no mir war de Fridden an Europa eng Selbstverständlechkeet. Mam russeschen Invasiounskrich an der Ukrain gesi mir, wéi fragil esou e Fridden, och um europäesche Kontinent, ka sinn. Datt op d'mannst 19.000 ukrainesch Kanner a Russland verschleeft goufen, fir „russesch" ze ginn, ass onvirstellbar, mee leider Realitéit.

En anert Land wëllen ze annexéieren an eng aner Nationalitéit wëllen ze imposéieren a seng Onofhängegkeet ze zerschloen, erënnert eis un d'Evenementer aus dem Zweete Weltkrich an Europa, zu Lëtzebuerg.

De Commemoratiounsdag ass fir mech och en Dag, wou mir d'Erënnerung rëm stäerken. Wou mir eis eiser Verantwortung rëm méi bewosst ginn.


Et geet och drëm, wat mir vun hei mathuelen an eisen Alldag. Et geet drëm, déi Wäerter, fir déi eis Virfaren sech agesat hunn, virzeliewen an am Alldag ëmzesetzen. Esou Commemoratioune wéi déi vun haut, hannerloosse Spueren – an eise Käpp an an eisen Häerzer.

Ech soen Iech Merci.

**Fernand Etgen**
**Präsident vun der Chamber**

# Monumenter / Ausstellung

## Erënnerungsbam



Eist Konzept

Eise Bam soll eng bestëmmte Bamaart duerstellen: Eng Eesch.

D'Bedeitung vun dësem Bam steet fir Fräiheet an de freie Wëlle vun de Mënschen. Dëse Bam vermëttelt d'Kraaft eegen Entscheedungen duerchzesetzen, wat eiser Meenung no, un d'Resistenz vum 2. Weltkrich erënnert.

Wisou déi geometresch Form?

Déi geometresch Duerstellung vum Bam, soll un déi fréier Zäit erënneren. E strikte Regime den d'Welt gepräägt huet. Et soll streng, bedrolesch a geféierlech wierken. Zudeem soll duerch des einfach Duerstellung de Fokus duerno op d'Blieder vun de Schüler zéien, dass déi net ënnerginn

**Lena Raach an Tamara Berg**

## Spueren hannerloossen



Fir d'Memoire als Spueren déi vu Persounen hannerlooss ginn, kënschtleresch duerzestellen, leien an der Entrée vum Sall, dënn Leemplacken um Buedem. D'Leit déi un der Zeremonie deelhuele mussen driwwer goen an hannerloossen esou Spueren am naasse Leem. Déi Placke ginn dono gebrannt, fir d'Spuere festzehalen. Dat soll dann och onsen Effort fir d'Memoire lieweg ze halen duerstellen.

Foto aus der Entrée vun Auschwitz, Spueren vun de Visiteuren. "Deemols waren wéineg Spueren déi aus dem Lager erëm erausgange sinn"

## Kaart vun de Lieux de Mémoire

Fir datt d'Schüler aktivéiert ginn, d'Aen opzemaachen an sech Gedanken iwwert d'lieux de mémoire am Kanton Réiden ze maachen erstelle mer eng grouss Kaart op déi d'Schüler all d'Lieux de mémoire (Monumenter, Placken, Griewer, Krichsgeschier asw.) festhalen. D'Schülerinnen a Schüler gi Fotoe vun de Plazen maachen, déi ginn op e 'Button' gedréckt, an dee kënnt op d'Kaart.

## Späicher mat Erënnerungsstécker

D'Erënnerung un de Krich passéiert och duerch Artefakten, Dokumenter an aner Erënnerungsstécker déi op irgendwelleche Späichere leien. Fir d'Iddi bildlech duerzestellen, dat déi Saachen net sollen um Späicher vergiess ginn, baue mer en Späicher am Hall vun der Schoul no, deen op enger Säit op ass, wou mer all déi Erënnerungsstécker déi mer zur Verfügung gestalt kréien dran ausstellen.

## Ausstellung am Hall

E fënnefte Volet vun den Ausstellungselementer si Pousteren a Plakater, déi ons Schülerinnen a Schüler gemaach hunn. Dëst erlaabt datt vereenzelt Schüler do och am direkte Gespréich hir Recherchë kënne präsentéieren

# Musek

## Blechbléiser Quintett vum ALR

***You raise me up*** vum **Brandon Graham an Rolf Lovland** arrangéiert vum Bert Appermont

## ALR Chouer

***Shalom Aleichem*** A Capella Versioun vum Gil Aldema

***Un eis Jongen "1940 - 45"*** vum René Schmit (1919 - 1989), Text a Musek

*D'Uropféierung duerch déi vereenegt Kierchechéier vu Waldbriedemes an Trënténg ënnert der Leedung vum Jean Jung war den 28. September 1975 bei Geleeënheet vun der Aweiung vun de Monuments aux Morts am Trëntengerdall an zu Waldbriedemes.*

*Et ass e patriotesch weltlecht Lidd mat dräi Strophen a gehéiert vum Genre hier an d'Kategorie nodenklech, meditativ an traureg;*

*Vun den Zwangsrekrutéierte gëtt dëst Lidd als eng Zort Nationalhymn ugesinn.*

1. Vun dohém huet dir misst goen,
wou dir glécklech wart a fro'
weit an d'Welt wor dir verschloen
an huet font keng richteg Ro'.
Jo we' dachs huet dir misst denken
und di kleng le'f Hémecht zréck
de' éch net me' Fréd kont schenken
an Zefriddenhét a Gléck

Refrain:

Le'wen Herrgott, schenk de Jongen
d'e'weg Ro' an Himmelsfréd.
Well si wôren all gezwongen,
an enger Zeit vu Kreiz a Léd

2. Ass och munech Stonn vergângen,
voll vun Trauer a vu Léd,
so'tzt dir hémlech do ze bângen
wor dir op den Do't berét.
Dann op émol ko'm d'Verlângren
no dém sche'nen Hémechtsland
an et huet dun én nom ânren
gin, am Gäscht, éch d'Bro'derhand

3. Fir eischt Land séit dir gestuerwen,
vill ze fre' an o'ni Schold.
Leit a friemer Erd begruewen
so' we' d'Fügung et huet wollt.
Härzlech merci mir éch soen
fir all gutts wât dir gedôn
äre Wonsch am Härz mir droen
"Lëtzebuerg därf nie vergon".

***BELLA CIAO*** *https://www.youtube.com/watch?v=4CI3IhyNKfo*

*Bella ciao est un chant de révolte italien qui célèbre l'engagement dans le combat mené par les partisans, résistants pendant la Seconde Guerre mondiale opposés aux troupes allemandes alliées de la République sociale italienne fasciste, dans le cadre de la guerre civile italienne. Les paroles ont été écrites fin 1944 sur la musique d'une chanson populaire que chantaient au début du xxe siècle les mondine, ces saisonnières qui désherbaient les rizières de la plaine du Pô et repiquaient le riz, pour dénoncer leurs conditions de travail. Ce chant est devenu un hymne à la résistance dans le monde entier.*

Una mattina mi sono alzato
O bella ciao, bella ciao, bella ciao ciao ciao
Una mattina mi sono alzato
E ho trovato l'invasor

O partigiano portami via
O bella ciao, bella ciao, bella ciao ciao ciao
O partigiano portami via
Ché mi sento di morir

E se io muoio da partigiano
O bella ciao, bella ciao, bella ciao ciao ciao
E se io muoio da partigiano
Tu mi devi seppellir

E seppellire lassù in montagna
O bella ciao, bella ciao, bella ciao ciao ciao
E seppellire lassù in montagna
Sotto l'ombra di un bel fior

Tutte le genti che passeranno
O bella ciao, bella ciao, bella ciao ciao ciao
Tutte le genti che passeranno
Mi diranno: che bel fior

E quest'è il fiore del partigiano
O bella ciao, bella ciao, bella ciao ciao ciao
Quest'è il fiore del partigiano
Morto per la libertà.

Eines Morgens erwachte ich,
O Schöne, ciao, Schöne, ciao,
Eines Morgens erwachte ich
Und fand den Eindringling vor.

O Partisan, bring mich fort,
O Schöne, ciao, Schöne, ciao,
Schöne, ciao, cia, ciao!
O Partisan, bring mich fort,
denn ich fühle, dass ich bald sterben werde.

Und falls ich als Partisan sterbe,
O Schöne, ciao, Schöne, ciao,
Schöne, ciao, cia, ciao!
Und falls ich als Partisan sterbe,
dann musst du mich begraben.

Begrabe mich dort oben auf dem Berge
O Schöne, ciao, Schöne, ciao,
Schöne, ciao, cia, ciao!
Begrabe mich dort oben auf dem Berge
Unter dem Schatten einer schönen Blume

Und die Leute, die daran vorbeigehen,
O Schöne, ciao, Schöne, ciao,
Schöne, ciao, cia, ciao!
Und die Leute, die daran vorbeigehen,
Werden mir sagen: "Welch schöne Blume!"

Dies ist die Blume des Partisanen,
O Schöne, ciao, Schöne, ciao,
Schöne, ciao, cia, ciao!
Dies ist die Blume des Partisanen,
Der für die Freiheit starb.

## Zeenesch Liesungen

Es kamen Schritte. Starke Schritte. Schritte stießen an die Tür. Sofort sagten sie:
Die Zeit gehört uns.

Die Tür war die erste Haut die aufgerissen wurde. Die Haut des Heims. Dann fuhr das Trennungsmesser tiefer. Und dies geschah auf der Erde.

Unter Bedrohung leben: im offenen Grab verwesen ohne Tod. Das Gehirn fasst
nicht mehr. Hier ist nichts mehr zu fassen, hier nicht!
Alles dahin gelebte – Hier.
alles dahin geliebte – Hier.
Gnade des Nicht-mehr-sein-Dürfens. Höchster Wunsch auf Erden: Sterben
ohne gemordet zu werden.

**Nelly Sachs**

***Sachs, Nelly: Leben unter Bedrohung*** (Auszug),

aus: Werke. Kommentierte Ausgabe in vier Bänden, Band IV: *Prosa und Übertragungen*
Herausgegeben von Aris Fioretos © Suhrkamp Verlag

*Fir d'éischt veröffentlecht 1956 a Schweden beschreift d'Nelly Sachs hei hir lescht Joren zu Berlin éit se a Schweden an den Exil gaangen ass.*

Hoffnung
Wer hofft
ist jung
Wer könnte atmen
ohne Hoffnung
dass auch in Zukunft
Rosen sich öffnen
ein Liebeswort
die Angst überlebt

**Rose Ausländer**

***Rose Ausländer, Hoffnung II***,

aus: Ausländer, Rose: ***Im Atemhaus wohnen***. Gedichte, Frankfurt am Main 1981

Ankunft
Aber in ihnen, unter ihnen, zwischen ihnen
die, welche wir nicht vergessen können,
nicht vergessen wollen, dürfen, sollen.
Wir brauchen sie
zum Leben

**Werner Janssen**

*D'Gedicht "Ankunft" vum Werner Janssen aus dem Buch "Bitte, vergiss mich nicht") befaasst sech mat der Vergaangenheet an der Géigewart vun Auschwitz*

“**Ma petite maman chérie,**
**mon tout petit frère adoré,**
**mon petit papa aimé**,

Je vais mourir ! Ce que je vous demande, toi, en particulier ma petite maman, c'est d'être courageuse. Je le suis et je veux l'être autant que ceux qui sont passés avant moi. Certes, j'aurais voulu vivre. Mais ce que je souhaite de tout mon coeur, c'est que ma mort serve à quelque chose. Je n'ai pas eu le temps d'embrasser Jean. J'ai embrassé mes deux frères Roger et Rino (NDLR, ses “frères” de combat). Quant au véritable, je ne peux le faire hélas !

J'espère que toutes mes affaires te seront renvoyées, elles pourront servir à Serge, qui, je l'escompte, sera fier de les porter un jour. A toi, petit papa, si je t'ai fait ainsi qu'à ma petite maman, bien des peines, je te salue une dernière fois. Sache que j'ai fait de mon mieux pour suivre la voie que tu m'as tracée.

Un dernier adieu à tous mes amis, à mon frère que j'aime beaucoup. Qu'il étudie bien pour être plus tard un homme.

17 ans et demi, ma vie a été courte, je n'ai aucun regret, si ce n'est de vous quitter tous. Je vais mourir avec Tintin, Michels. Maman, ce que je te demande, ce que je veux que tu me promettes, c'est d'être courageuse et de surmonter ta peine.

Je ne peux pas en mettre davantage. Je vous quitte tous, toutes, toi maman, Serge, papa, je vous embrasse de tout mon cœur d'enfant. Courage !

Votre Guy qui vous aime”

**Guy Môquet**, né le 26 avril 1924 à Paris et mort le 22 octobre 1941 à Châteaubriant (Loire-Inférieure), est un militant communiste, célèbre pour avoir été le plus jeune des quarante-huit otages fusillés, le 22 octobre 1941, à Châteaubriant, Nantes et Paris en représailles après la mort de Karl Hotz.
Son nom, plus particulièrement associé à celui des vingt-sept fusillés du camp de Châteaubriant, est passé dans l'histoire comme un symbole des héros et des martyrs français de l'Occupation allemande durant la Seconde Guerre mondiale.

# Erënnerungen vum Jean Schmit vun Iewerleng

I

1. September 1939. Die deutsche Wehrmacht rückte in Polen ein und damit begann der zweite Weltkrieg. Ich hatte 7 Jahre und hatte große Angst. Alle sprachen vom Krieg. Jeden Abend hat die Mutter mit uns Kindern gebetet: Lieber Gott, mach, daß kein böser Krieg zu uns kommt. Aber nur die Mutter hat so gebetet. In der Kirche hat mann anders gebetet, Latein, und das hab ich nicht verstanden. Deshalb hatte ich einen Plan. Einmal morgens, nach dem Schulunterricht, als die Kinder nach Hause liefen, ging ich in die Kirche. Einige Kinder, die mich sahen, riefen mir nach, es ist keine Beicht. Wir sollten nach Ostern unsere erste heilige Kommunion machen und der Pfarrer hatte gesagt, wir würden einmal in die Kirche gehen um zu beichten. Ich aber ging nicht in die Kirche um zu beichten sondern um zu beten, lieber Gott, mach, daß kein böser Krieg zu uns kommt.

Nun stand ich in der kalten, düsteren Kirche zwischen dem Eingang und der Treppe zur Empore und schaute auf den Tabernakel und betete: Jesus mach, daß kein böser Krieg zu uns kommt, lieber Gott, mach, daß kein böser Krieg zu uns kommt, immer wieder, ich weiß nicht wie lange. Auf einmal war ich sicher, jetzt wird kein böser Krieg zu uns kommen. Ich lief nach Hause und niemand fragte, wo ich war. Aber auch niemand wußte, daß kein böser Krieg zu uns käme.

10. Mai 1940. Ich erwachte wegen einem fürchterlichem Lärm, daß ich glaubte die Welt würde untergehen. Als ich zur Kammerfenster hinausschaute sah ich Flieger mit einem großen Hackenkreuz die so tief flogen, daß man glaubte sie müßten die Spitze der Bäume des nahen Waldes, der Hatzheck, berühren.

Ich mußte aber in die Schule gehen. Vorher war die hl Messe. Als wir aus der Kirche kamen sahen wir vom Schulhof aus auf der Straße die von Useldingen kommt viele Soldaten zwischen Pferdegespannen marschieren.

Am nächsten Tag, frühmorgens war unser Dorf voll von deutschen Soldaten. Sie hatten die Radioantenne auf dem Dach unseres Hauses bemerkt, kamen ins Haus, öffneten die Fenster von der Hausstube und drehten das Radio voll auf. Bald stand der Hof und die Straße vor unserm Haus voll von Soldaten die den Worten ihres Führers lauschten. Als sie weitergezogen waren, entfernte Vater die Radioantenne auf dem Dach, damit so etwas nicht nocheinmal vorkäme.

Vor unserm Nachbarhaus, am Nachmittag, standen die Nachbarn beisammen und kommentierten das schlimme Ereignis. Ich hörte wie die Remmen Elis sagte: „Elo sinn mër Preisen. A jo, elo si mër Preisen". Ich ging nach Hause und fragte mit Tränen in den Augen die Mutter: „Si mër elo Preisen". Sie sagte nein. „Mër sinn elo këng Preisen." Dann sagte ich: „D'Remmenelis huet awer esou gesot", Sie sagte: „D'Remmenelis wëß dat nit besser. Mër sinn elo këng Preisen. Ich habe mich dann beruhigt und geglaubt daß die Mutter es besser wüßte als die Remmenelis. Ich muß das „Preisen sinn" als etwas schlimmes angesehen haben.

In Luxemburg gab es einmal einen berühmten Oktavprediger und Beichtvater, Pater Zobel, bei den eine deutsche Frau in den Beichtstuhl kam. Sie glaubte die Luxemburger würden luxemburgisch im Beichtstuhl sprechen und sie müßte sich entschuldigen, daß sie auf deutsch sich würde anklagen. Deshalb sagte sie: „Ich bin ein Preuße". Pater Zobel sagte: „Das brauchen sie nicht zu beichten. Das ist keine Sünde. Das ist nur eine Schande".

Mein Bruder „Usch" war zwei Jahre jünger als ich und nicht so ängstlich. Er lief auf die Straße hinunter um zuzuschauen, wenn die Wehrmacht mit ihrem Kriegsmaterial vorüberzog. Er sagte zur Mutter, hinter jedem Panzer hängt eine Kanone.

Am Sonntag nach dem Hochamt, standen viele Leute im Schulhof vor der Kirche. Sie waren aus der Minettgegend. Einige Männer aus dem Dorf suchten nach einer Unterkunft für sie. Zu uns kamen zwei junge Burschen, Johny und Tony Agostini aus Kayl. Es wurde eine Freundschaft für viele Jahre. Johny kam jedes Jahr uns besuchen. In den ersten Jahren ist er in der Getreideernte gekommen und hat dann die Pferde vor dem Mähbinder mit einer kleinen Rute angetrieben, was ihm besonders Spaß machte. Später hat er uns mit Frau und Kind besucht.



*De Jean Schmit vun Iewerleng huet dësen Text geschriwwen nodeems seng Urenkelin Mara Petry hien iwwert seng Erënnerungen un de Krich gefrot huet. De ganzen Text kënnt dir um Internetsite vum ALR liesen.*

# Georgette Sheehan-Jacoby : Erënnerungen vun enger jonker Fra am Krich

*D'Gerogette Sheehan-Jacoby ass den 28 Juli 1922 an der Stad Lëtzebuerg op d'Welt komm. Wéi de Krich 1940 lass goung, huet si an der Stad gewunnt an ass do an d'Schoul gaangen. Si erzielt :*



*D'Georgette an der Uniform vum RAD*

« Den 10 Mee 1940 sinn d'Preisen agefall. Ech war dunn an der Schoul. D'Schoul ass normal weidergaange wéi ëmmer bis Juli, bis d'Vakanz. Awer du wéi ech am September erëm an d'Schoul wollt goen, do hunn ech net méi däerfen. Bei der Umeldung fir d'nächst Joer huet et du geheescht : 'Sidd Dir am BDM, dem Bund Deutscher Mädel ?' 'Nö !!!' hunn ech gesot, direkt an dem Toun. Du war ech schonn…» d'Gerogette wénkt of.

« No annerhallef-zwee Joer krut ech dunn en Aberufungschreiben fir an den RAD, de Reichsarbeitsdienst. Mäi Papp huet all Dokteren ugebiedelt fir iergend eng Krankheet bei mir ze fannen, et war awer keng do. Do hunn ech da misste goen. Du koum ech op Lindlar bei Köln. Do hunn ech dunn den Eed verweigert a krut dofir sechs Woche Prisong, well ech den Eed net op de Führer wollt ofleeën. Ech hunn e bis haut net ofgeluecht. […]

Wéi ech agespaart war, hunn ech mengem Papp net däerfe schreiwen. Meng Frëndinnen, mir waren zu 5 Lëtzebuergerinnen do, hunn him du geschriwwen : ech wier erkaalt a léich an der Infirmerie. Soss wär hien do gewiescht. Oh Neen, da wär ech op eemol eleng gewiescht. Mäi Papp hat nach den 1. Weltkrich an de Glidder. […] Wéi ech erëm duerft schreiwen, hunn ech him geschriwwen. « Pappa, ech souz an der Këscht ». Hien huet selwer virum Krich am Prisong an der Stad geschafft, awer d'Preisen hunn him net getraut, well mir ware bekannt als Lëtzebuerger Militär an esou. Hien duerft net méi schaffen. »

*Dono huet Georgette misse bei engem Bauer am Stall an um Feld hëllefe schaffen. Als Stater Meedchen ass hir des schwéier Aarbecht guer net gutt vun Hand gaangen, dofir huet si du misste bei Leit heem botze goen :*

« Du hunn ech dee leschten Dag bei enger Madamm missen eng ganz Kar Briqueten an de Keller schëppen. Ech war esou rosen iwwer déi, ech hunn am mengem Liewen nach keng Briquete brauchen ze schëppen. Do am Keller stounge lauter Amaachglieser, déi haten esou e Gummi. An dat deet mer haut nach Leed, well ech mech schummen. Do hat ech all déi Ammachgummien do erausgezunn. Du war do no Méint e groe Pelz do uewendrop. Alles verduerwen. Dat hätt ech net dierfe maachen. Mais wat hunn si da mat ons gemaach ? […]

Mäi Papp souz siwe Méint doheem, meng Mamm war dout. Hien hat en Hong kaaft fir dat fett ze maachen fir wann ech heem kéim. Et war voller Wierm. En hat et awer gutt gemengt. […]

Mir hunn um Boulevard gewunnt beim Park, bei der Villa Louvigny. D'Preisen hätten awer gär déi schéin Haiser gehat, et wollt awer keen eraus. Firwat ? Mir brauchen dach net ze plënnere

wéinst de Preisen. Du wollten se ons en Haus vun enger jüddescher Famill offréieren. Du sot mäi Papp : « Do ginn ech net eran. Deenen anere Leit hire Misär ausnotzen, Neen ! » « Ma da gitt der elo wou mir wëllen » soten d'Preisen. An dat war guer net schéin. Dat war ënnen am Gronn. Mir hate kee Waasser a keen Elektresch am Haus. » […]


*D'Famill huet am Krich och nach aner materiell Abousse missen hinhuelen :*


« Am Februar muss et gewiescht sinn, ier d'Preisen hei waren hat de Pappa ne neien Auto kaaft. Dat war e Chrysler. Du koumen d'Preisen an déi hu fonnt dat Leit keng Privatautoe bréichten. Op der Areler Strooss beim Stadion, do haten se all déi Autoen, déi si geholl haten an der Rei stoen. Vun do aus hunn déi fréier Proprietären se missten an der Caravanne bis op Charleville féieren. A mäi Papp huet gekrasch fir säi schéinen neien Auto. E schéinen donkelrouden. Wéi e mat all den anere Chauffeure mam Autocar erëm koum do huet hie gelaacht. Dat war awer komesch, en huet gekrasch fir dohinner a gelaacht fir erëm. « Weess de… » sot en «…ech fueren net méi domadder et fiert awer och kee Preis méi domat. ». Do waren d'Engländer nuets riwwergeflunn…an et war alles voll Schrapnell. Wéi Seibecken. Do haten d'Preisen och näischt dovun. Mäi Papp huet gelaacht. »

« Den 10 September 1944 wéi d'Amerikaner komm sinn. Dunn hunn ech am Prisong ugefangen ze schaffen. Dunn hunn ech Revanche geholl. »

*D'Georgette huet bei der Liberatioun am Hotel Italia op der Paräisser Plaz, wou si emol bei hirer Tatta gehollef huet, en amerikaneschen Zaldot kennegeléiert den George Sheehan. De Generol Bradley hat den Hotel vun der italieneschfréndlecher Famill requisitionéiert an do Zaldoten ënnerbruecht.*

« De George huet mir an de Prisong Këschte mat Kamelle bruecht. Well do koume Kanner era mat hirer Mamm. De Papp war am Männerprisong. Dat war traureg, dann hunn déi gekrasch wann se d'Mamma ewechgeholl kruten. Dann hunn ech misste mat hinnen op d'Rumm fueren. An ech hu mat hinne gekrasch, well ech och keng Mamm hat. Dann hunn ech hinnen de Mond voll mat Kamelle gestach. An d'Kamellen waren eppes Rares, dat hunn déi Kanner net kannt. Et ware jo Lëtzebuerger Kanner, mee de Papp war Gielemännchen. An dann haten se de Mond


LUXEMBOURG
WARRANTS—POLICE & PRISONS L 086
MANDATS—POLICE ET PRISONS
Date of issue / Date d'émission: 11.11.1944 Date of expiry / Date d'expiration: 31.12.1945
Name / Nom: JACOBY GEORGETTE Rank / Grade: aide-gardienne
Organization, Name / Service: Prison Unit / Unité: des femmes
Identity Card type / Type de carte d'identité: C. d'identité No. / No.: 02897
Is approved as a / Le porteur a été agréé en tant que: Fonctionnaire des prisons
His authority is limited to the area of / Ses pouvoirs sont limités au district de: Grand'Duché de Luxembourg
He is authorized to be armed with | ~~RIFLE—PISTOL—TRUNCHEON~~
Il est autorisé au port du | ~~FUSIL—PISTOLET—BATON~~
(Rayer les mots inutiles)
¶ This card together with the holder's identity card must be produced on demand to any member of the Allied Forces.
¶ Cette carte ainsi que la carte d'identité du porteur doivent être presentées sur demande de tout membre des Forces Expeditionnaires Alliées.
Stamp of Issuing Authority / Tampon de l'Autorité Delivrante: CIVIL AFFAIRS Public Safety Office Luxemburg
Issuing Authority / Bureau d'émission
Signature of Issuing Officer / Signature de l'Autorité Delivrante
Rank / Grade: 1st Lt.


The person to whom this warrant is issued is authorized to be armed as shown on the reverse hereof. He is not to be disarmed by Allied Military Personnel.
¶ Le titulaire de ce mandat est autorisé au port des armes mentionnées au verso. Il ne peut être désarmé par le personnel militaire allié.
By command of
Par ordre de
DWIGHT D. EISENHOWER
Forces Expeditionnaires Alliées
¶ The legal holder of this card will be required to countersign it at the time of issue.
¶ Le titulaire de cette carte devra y apposer sa signature dès qu'elle lui sera remise.
Signature of holder / Signature du porteur: Georgette Jacoby

*Dem Georgette säin Passéierschäin fir an de Prisong schaffe kënnen ze goen.*

voll Zocker an dann hunn se alt e bëssen opgehale mat kräischen. »

*Nom Krich ass de George Sheehan a Lëtzebuerg bliwwen an huet sech mam Georgette Jacoby bestuet.*

*D'Georgette huet hier perséinlech Geschicht scho ganz ville Schoulkanner erzielt. Op hier Fro wat si da vum Krich gesinn hätt äntwert si :*

« Ech hat Chance well ech eng Fra war a just an den RAD musst. D'Männer hu missten a Russland un d'Front oder si verhaft ginn. Déi hu ganz aner Saachen erlieft.

Just deen Dag wou ech an den Arbeitsdienst koum, du hunn se mengem Papp säi Brudder, deen an der Arméi war an am Gronn souz - D'Preisen hunn hien den 'Hauptmann Jacoby' genannt - op Hinzert gefouert. Du war hien e Mount zu Hinzert an dono 4 Joer zu Dachau. Mäi Monni ass awer erëmkomm. Nom Krich ass de Prënz Charel op Dachau gefuer mat engem groussen Autocar all d'Lëtzebuerger déi nach do ware sichen. Wéi mäi Papp sot de Monni Aloyse kéim erëm sinn ech op Mondorf gefuer fir hien ze empfänken.[…] Ech war do wéi hien aus dem Bus geklommen ass. Ech hu mäi Monni ni gesi kräischen. Awer hie war net méi ze halen. An där Leit waren nach do, déi hier Leit siche komm sinn. […] De Monni war bal net méi erëmzeerkennen, ganz gouereg mat enger Wonn am Gesicht. Hien huet zu Dachau misste Stroosse bauen. Do war hien hanne vun der Ladefläch vun engem Camion gefall, well deen einfach ugefuer war. De Monni ass mam Gesicht an d'Steng gefall. D'Wonn ass guer net soignéiert ginn. Hien huet just e bësse Waasser drop gemaach, awer do koum keen an eng Infirmerie. Ech war erschreckt wéi ech de Monni Aloyse gesinn hunn. Hie war gouereg awer glécklech. »



*Déi traumatiséiert Männer hun nom Krich oft net méi vill erzielt. Esou war dat och beim Georgette sengem Mamm an dem Monni Aloyse* :

«De Monni Aloyse huet nie iwwert Dachau geschwat. Mäi Mann war mam Generol Bradley op Buchenwald, wéi den KZ do befreit ginn ass. Mäi Mann huet kee Wuert dovunner geschwat. Hien huet lang dorunner geknaat. Déi Sekeletten do, dat muss irgendeppes mat engem maachen waat een nie vergësst. »

Michel Rodesch


## Krichserënnerungen aus menger Famill (Fabio Pavani)

D'Geschicht vum Michel Rodesch, erzielt vu menger Urgroussbom, déi haut nach lieft.

Mäin Urgrousspapp, de Michel Rodesch, gebuer de 15. Abrëll 1923, huet dann och missen de 16. Februar 1943 an den „Reichsarbeitsdienst" goen an 3 Méint mi spéit, den 20. Mee 1943 an d'Wehrmacht. Hien hat 20 Joer.

Hie koum dunn an eng „Panzer Jäger Kasär" op Rawitsch am besate Polen wou hien dunn zum Zaldot ausgebilt gouf.





erhalten den
4. 3. 1944

O.U., den 21. Februar 1944

Sehr verehrter Herr Rodesch!

Von einem Gefecht bei Campoleone im Landekopf Nettuno/Italien, am 30. 1. 1944, kehrte Ihr Sohn Michel nicht zurück und wird seitdem vermißt.

Zugleich im Namen seiner Kameraden spreche ich Ihnen meine wärmste Anteilnahme an dem Schicksal Ihres Sohnes aus.

Die Kompanie hofft, dass Sie in Bälde ein Lebenszeichen von Ihrem Sohn erhalten und bittet Sie, sich in allen Fragen über den Verbleib Ihres Sohnes an die Wehrmachts-Auskunftstelle für Kriegerverluste und Kriegsgefangene, Berlin W 30, Hohenstaufenstr. 47-48 zu wenden.

In aufrichtigem Mitgefühl grüße ich Sie

mit Heil Hitler.

Kurt Heinrich

Leutnant u. Kompanieführer


Vun hei ass dann och déi éischt Feldpost un d'Famill geschéckt gin. No nëmmen e puer Méint Ausbildung ass hien dunn mat senger Kompanie un d'Front an Italien geschéckt gi wou déi Alliéiert un der italieenescher Küst bei Nettuno/Anzio gelant sinn. Déi däitsch Truppen hunn dëse „Landekopf" bei Campoleone verdeedegt.

Menger Urgroussbomi huet hie spéider verzielt datt hien ni wollt een Amerikaner erschéissen an hätt bewosst laanscht geschoss wouriwwer säin däitsche Komerod allerdéngs net frou war.

Den 30. Januar 1944 hunn déi zwee sech schlussendlech den engleschen Truppen erginn a sinn dunn a Krichsgefaangenschaft geroden.

Vun der Front huet d'Famill awer fir d'éischt e Bréif krit mat der Informatioun datt hire Jong net aus dësem Gefecht zeréckkomm wier a fir vermësst erkläert gouf.

Eréischt duerch eng Postkaart aus Amerika vum „Internationale Roude Kräiz" déi si den 1. August 1944 krute wousst seng Famill dunn endlech datt hire Jong an amerikanescher Krichsgefaangenschaft wier.Een änlecht Schreiwes kruten si vum „Rotes Deutsches Kreuz", den 19. August 1944.



19- August 1944 erhalten

Deutsches Rotes Kreuz
Präsidium
Führungsstab

Berlin SW 61, den 12.8.44.
Blücherplatz 2
Fernruf: Sammelnummer 66 54 61
Nachtruf: 66 06 56, 66 07 11
Postscheckkonto: Berlin 60 70
Telegrammanschrift: Deutschrotkreuz
RAUS 18 736
Läst.

124 U.S.-A./11

Aus einer erst jetzt aus U.S.A. eingetroffenen amtlichen Lagerliste, die über das Internationale Komitee vom Roten Kreuz in Genf hierher gelangte, geht hervor, daß sich Ihr Angehöriger in amerikanischer Kriegsgefangenschaft befindet. Als Heimatanschrift hat er Ihre Anschrift angegeben.

Seine Anschrift ist folgende:

Kriegsgefangenenpost
Prisoner of War Mail

Soldat Michel Rodesch
German Prisoner of War in U.S.A.
ISN. 81 G 251 754
Prisoner of War Information Bureau
c/o Provost Marshal General
Washington D.C.
U.S.A


Gebührenfrei
Postage free

Sollte der Kriegsgefangene jedoch inzwischen schon ein Lager in U.S.A. angegeben haben, werden Sie auf die Anschrift hingewiesen, die auf der 1. Seite der beigefügten Postbestimmung 24e angegeben ist. Auf jeden Fall muß die Landbezeichnung U.S.A. eingesetzt werden.

Für Versendung von Büchern gilt die gleichfalls beigefügte Ausführungsbestimmung 23d.

Heil Hitler!
Der Sonderbeauftragte
Grüneisen
DRK Generalhauptführer

Herrn
Majerus Rodesch
Aradorf
Krs. Diekirch
Luxemburg



PRISONER OF WAR POST
KRIEGSGEFANGENENPOST

Postage free
Portofrei

CARD OF CAPTURE FOR PRISONERS OF WAR
GEFANGENENMELDUNG FÜR KRIEGSGEFANGENE

IMPORTANT
*This card must be filled in by each prisoner immediately after his capture, and for each subsequent change of address upon arrival in the new camp or hospital.*

U.S. CENSOR

WICHTIG
Diese Karte soll von jedem Kriegsgefangenen sofort nach seiner Gefangennahme und bei jedem Adressenwechsel gleich nach seiner Ankunft im Lager oder Lazarett ausgefüllt werden.

W. D., P. M. G. Form No. 6
(Revised 5 August 1943)


FAMILIE
PETER RODESCH
ARSDORF
KREIS DIEKIRCH
LUXEMBURG
(GAU MOSELLAND)
GERMANY

Fir mäin Urgrousspapp war de Krich elo fir ee Moment eriwwer, a hien koum an Amerika an e Gefaangenelager, Camp Greeley am Colorado vum 22. Mäerz 1944 bis de 17. Februar 1945.

Vun hei aus huet hien dann och vill Bréiwer u seng Famill geschéckt a sei Papp a Kolleegen och un hien. Du gouf hien nach an een anert Lager verluecht, Camp Butner bis Mee 1945 an duerno de britteschen Autoritéiten iwwerginn. Hien hat zu dem Zäitpunkt 39 Dollar bei sech. Duerch e Schreiwes aus England (Leamington), dat seng Elteren den 1. Oktober 1945 kruten, si si gewuer ginn datt hien elo zanter dem 20. September 1945 aus Amerika zeréck wier.

Ier hien zeréck op Lëtzebuerg komm ass huet hien sech nach missen als Fräiwëllegen an d'Belsch Arméi mellen déi un déi englesch Arméi ugegliddert war. Do krut hien dann och säin „Soldier's Service Pay Book"

E Mount mi spéit, den 20. Oktober 1945 war hien dunn endlech erëm zeréck zu Lëtzebuerg an den 23. Oktober 1945 krut hien en Certificat vun der Lëtzebuerger Arméi ausgestallt datt hien duerch hier Kontrolle gaangen ass.



2

(1) SOLDIER'S NAME and DESCRIPTION on ATTESTATION.

Army Number LUX 0161
Surname (in capitals) RODESCH
Christian Names (in full) Michel
Date of Birth 15-4-1923
Trade on Enlistment Laboureur
Religious Denomination RC
Approved Society
Membership No.
Enlisted at Leamington-Spa On 20-9-45
For the :— Volontaire Temporaire
* Regular Army. * Supplementary Reserve.
* Territorial Army. * Army Reserve Section D.
* Strike out those inapplicable.
For ...... years with the Colours and ...... years in the Reserve.
Signature of Soldier Michel Rodesch
Date 20-9-45

3

DESCRIPTION ON ENLISTMENT.

Height ...ft. ...ins. Weight ...lbs.
Maximum Chest ...ins. Complexion
Eyes Hair
Distinctive Marks and Minor Defects

CONDITION ON
Found fit for
Defects or History of past
into if called up for Ser
Date
Initials of M.O. i/c.

161

**Gaston Herz : « *J'ai vécu trois vies* »**

*De Gaston Herz ass 1928 zu Metz gebuer. Seng Famill koum vu Miedernach aus Lëtzebuerg. Wéi de Krich 1940 a Frankräich lass gaangen ass war de Gaston also nach e Kand.*

*De Gaston Herz erënnert sech :*

**Ma première vie**

« Ma première vie était une merveille, pleine d'amour. Je vous souhaite un couple comme mon père et ma mère, tendresse et amour. Des parents merveilleux.»

Mee dëst éischt Liewe gëtt 1940 vum Krich ënnerbrach an zerstéiert. De Gaston a seng Famill wunnt direkt nieft de Kasären zu Metz. Wéi déi Däitsch Arméi Frankräich ugräift, ginn d'Kasären bombardéiert an d'Famill gëtt e puer mol evakuéiert.

« Il y avait des bombardements jour et nuit. Masques à gaz et cetera. Le premier mort que j'ai vu, c'était à l'usine de gaz de Metz. Il avait une barre de fer à travers le corps. J'avais 10 ans. »

« J'avais un petit ami de 10 ans. On est revenu une fois d'une évacuation. J'étais tellement content de revoir mon ami, que je n'avais pas vu pendant un mois ou deux. Il s'était noyé la veille dans la vase de la Moselle. Mon premier chagrin. »

D'Famill ass dunn an d'Vogeese evakuéiert ginn, wou si vun der sougenannter « Rafle du Vélodrome d'Hiver » iwwerrascht ginn.

«Moi on m'a laissé, oublié. J'étais caché dans le foin. A 13 ans, la police française, soulignez française, est venue chercher ma mère, mon père, mon frère, je ne les ai plus jamais revus. »

**Ma deuxième vie « Abruti par le travail »**

« Commence ma deuxième vie. Je me retrouve seul avec une douzaine de personnes, juifs français, réfugiés dans ce village des Vosges. Un couple ma recueilli et ils ont tout fait pour que j'aille rejoindre mon oncle et ma tante, qui étaient dans le Massif central. De la zone occupée, il fallait donc aller en zone libre.»

De Gaston packt et mat Hëllef iwwert d'ligne de démarcation. Nuets geet hie mat 5-6 anere Leit heemlech iwwert d'Grenz. Ursprénglech sollt hien an enger Lokomotiv eriwwer geschmuggelt ginn, mee den Dag virdrun war e Jong deen am Waassertank vun enger Lokomotiv verstoppt war, erdronk. Dofir muss hien elo zu Fouss goen. De Gaston erreecht säi Monni, sengem Papp säi Brudder, a seng Tatta. Fir d'Famill ze ënnerstëtze muss de Gaston schaffe goen.

« Mon grand-père avait 6 enfants, tous ont été massacrés, 18 personnes. Sauf ma tante, mon oncle et moi. »

**Ma troisième vie**

No der Ausbildung schafft de Gaston a verschiddene Länner a baut sech e Liewen op, a grënnt eng Famill. Hie gëtt Geschäftsmann a lieft bis haut mat seng Fra a Lëtzebuerg.

« A mon oncle et ma tante, je leur dois ma vie plusieurs fois. »

**alr.lu/jcn**

*E méi groussen Extrait vum Interview fannt dir um Internetsite vum ALR.*

*D'Schicksal vum Här Herz senger Famill kënnt dir am Detail noliesen op der Internetsäit vum Projet européen Convoi 77.*

convoi77.org/deporte_bio/leonie-herz/

## Besuch in der ehemaligen Abtei Fünfbrunnen



Am 27. Januar jeden Jahres findet der „Tag des Gedenkens an die Opfer des Holocausts" statt. Deswegen haben wir uns dieses Jahr zur Abtei Fünfbrunnen begeben, wo ein Mitglied des Zentrums für politische Bildung uns einige Details über die Geschehnisse im Kloster zur Zeit des 2. Weltkrieges mitgeteilt hat. In diesem Kloster wurden luxemburgische sowie auch ausländische Juden isoliert, bevor sie mit Zügen in Konzentrationslager transportiert wurden. Um an die jüdischen Opfer zu gedenken, hat jeder von uns einen Stein auf das Denkmal gelegt, was eine alte jüdische Tradition ist, um an die Verstorbenen zu erinnern.

*Das Holocaust Denkmal in Fünfbrunnen*

**Gedenkzeremonie am 27. Januar 2023**

Ich denke, Herr Theis hatte eine interessante Idee, einige Schüler aus dem ALR zu dieser Journée de la mémoire einzuladen, weil uns genauer erklärt wurde, was vor und während des 2. Weltkriegs passierte und der Terror, der in Europa und insbesondere Luxemburg verbreitet wurde. So können wir aus den Fehlern der Vergangenheit lernen und anfangen, über die Zukunft und unsere zukünftigen Entscheidungen nachzudenken. Und wenn dies wieder von vorne beginnen sollte, wissen wir, wie wir reagieren müssen und sollen.

**Oliveira Cruz Guilherme**

Der Tag brachte bei mir eine Vielzahl an Gefühlen gleichzeitig hervor. Erst als wir wieder zuhause waren, fühlte ich eine unbeschreibliche Leere in mir. Der Tag war von unglaublicher Trauer erfüllt, denn das Leid und die Trauer der Menschen, die diesen schrecklichen Krieg miterleben mussten, konnten wir an diesem Tag hautnah miterleben.

Ich war vor allem wütend auf mich selbst, weil mir vorher nicht wirklich bewusst war, wie sehr auch Luxemburg im zweiten Weltkrieg leiden musste. Wenn wir unsere Todesopfer mit denen von anderen Ländern vergleichen, dann sehen unsere `unspektakulär` aus. Ich habe realisiert, wie naiv ich doch war, denn jedes einzelne Leben ist kostbar. Familien erlitten so viel Leid, Eltern verloren ihre Kinder im Krieg und mussten zum Beispiel an der Ostfront kämpfen. Hunger, Kälte, Armut, Terror, und noch so viel mehr prägte die Bevölkerung. Luxemburg ist sehr klein und wenn wir die Zahlen und Fakten proportional vergleichen, erkennen wir die schreckliche Realität: Luxemburg verlor unfassbar Viele im Krieg, proportional zu seiner Bevölkerung. Ungefähr 5700 Menschen starben aufgrund des Naziterrors. Rund 2% der Bevölkerung starb also im Krieg, einer von 50 Bürger, erlebte leider die Befreiung Luxemburgs nicht mehr.

Zugleich verspürte ich auch Glück und Freude. Es wird einem wieder bewusst, wie kostbar unser Leben momentan ist, wie gut es uns doch eigentlich geht und vor allem auch, dass wir das Leben deutlich mehr wertschätzen sollten. Es ist wichtig, dass wir unser

immer wieder vor Augen halten, was damals vorgefallen ist. Veranstaltungen, wie die Journée de la mémoire, öffnet vielen die Augen. Dieser Tag hat uns einige Eindrücke gegeben, die man so bald nicht mehr vergessen wird. Deshalb bin ich unfassbar glücklich, dass ihr uns unterstützt habt. Das Motto: "Errare humanum est" gilt noch immer, aber es wird jetzt höchste Zeit, sich zu ändern und vor allem auch aus unseren Fehlern zu lernen.

**Heuts Noah**

## Krich a Keelt

D'Erënnerung un den 2. Weltkrich ass bei mir perséinlech ëmmer iergendwéi mat Keelt verbonnen. Mat dem Schnéi an Äis am Dezember 1944 -Januar 1945 engersäits an der mënschlecher Keelt, vu Kollaborateuren déi Leit aus dem eegenen Duerf verroden hunn, anerersäits.

Als Kand stoung ech schonn ee mol am Joer zu Houfelt beim Denkmal fir déi Verschleeften. Dës Zeremonie ass ëmmer am Hierscht oder Wanter, an do ass et och oft kal gewiescht. Dono an der waarmer Stuff ass awer net méi iwwert de Krich geschwat ginn. Vu mengem Papp wousst ech dat mäi Bop, de Marcel Theis vun Helzen an der Resistenz aktiv war an dat dofir säin Papp, also mäin Urgrousspapp de François Theis, vun de Nazie verschleeft gouf. Vill méi awer och net. Mäi Bop huet, wéi vill anerer, laang net iwwert de Krich geschwat. Dorops ugeschwat sot hie meeschtens just : « Et war eng ellen Zäit ».

**E gefruerene Mantel**

Eréischt wéi ech e Jugendleche war, huet mäi Bop ugefaangen aus där Zäit ze erzielen. An e Bild aus där Erzielung ass a menger Memoire agebrannt. D'Bild vun engem gefruerene Mantel. Erëm e Bild gepräägt vu Keelt.

Mäi Bop war an der LPL aktiv an huet als Passeur gehollef Leit an d'Belscht ze bréngen. Wéi Lëtzebuerg am Hierscht 1944 vun den Alliéierten, eng éischte Kéier ganz befreit war, waren d'Resistenzler d'Helden am Duerf. Déi eng oder aner Revancheaktioun u Kollaborateuren ass wuel och net ausbliwwen. Genaues sinn ech awer doriwwer ni gewuer ginn.

Mee dat Schlëmmst sollt fir d'Resistenzler aus der Géigend mat der Rundstedt-Offensiv kommen. Mäi Bop huet misse flüchten, well och d'Gestapo war erëm do, a seng Aktivitéiten an der Resistenz bekannt. Mat Hëllef vu senge Frënn aus der Resistenz ass hien a säi Brudder Joss bis op Philippeville hannert Dinant an der Belsch gaangen, wou si bis zur Befreiung op engem Bauerenhaff verstoppt waren. D'Flucht am Dezember huet bei äisegen Temperature stattfonnt a fir déi iwwer 120 Kilometer bis op Philippeville ze packe waren si e puer Deeg duerch de Schnéi an d'Keelt ënnerwee. Mäi Bop huet erzielt dat et esou kal war, dat säin naasse Mantel him um Kierper gefruer ass. Wéi hien ukoum an en ausgedoen huet, ass de Mantel steif gefruer riicht um Buedem stoe bliwwen.

**Erënnerung un déi Verschleefte vun Helzen, Houfelt a Weiler**

Fir d'Famille vun de geflüchten oder verstoppte Resistenzler koum et elo besonnesch schlëmm. An den Dierfer Helzen, Houfelt a Weiler sinn am Januar 1945 mäin Urgrousspapp an aacht weider Leit vun der Gestapo verhaft ginn. Dëst waren alles Membere vu Famillen déi op iergend eng Aart a Weis mat der Resistenz a Verbindung stoungen. Déi verhafte Persoune sinn dono ni méi gesi ginn. Verroden duerch Kollaborateuren, verschleeft vun der Gestapo. Hei weist sech

déi mënschlech Keelt am Krich !

Am engem Rappel, der Zeitung vun der L.P.P.D. Ligue Luxembourgeoise des Prisonniers et Déportés politiques ass eng Ried vum Aloyse Raths vun 2001 ofgedréckt deen d'Affer esou beschreiwt :


« Iwwer d'Ëmstänn an d'Ursaache vun denen 9 Verhaftongen duerch d'Gestapo ass deemols net vill geschwat ginn, well keen eppe Genäes doriwwer aussoe konnt. An der Tëschenzäit konnte mir ower un Hand vu verschiddenen Dokumenter e wéineg Liicht an d'Ëmstäenn vun deenen Arrestatiounen bréngen, an et musse e leider feststellen, daat an deene meeschte Fäll de Verrot duerch fanatesch Nazi-Collaboratueren eng grouss Roll gespillt huet. D'Erëmkomme vun der Gestapo bei der Rundstedtoffensiv huet verschidde vun hinnen eng gënsteg Geleeënheet zur Revanche ginn.

De 4. Januar 1945, mueres géint 9 Auer, huet d'Gestapo am Haus vum Houfelter Schoulmeeschter Haussuchung gehal an de Victor Thill (56 Joer, Papp vu 4 Kanner) festgeholl. Et gouf him reprochéiert, datt hie sech ganz activ un de patriotesche Feiere bei der Liberatioun bedeelegt hätt an datt säi Jong Marcel 'Déserteur' wier. No senger Arrestatioun ass de Schoulmeeschter Thill an d'Haus Erler zum Gestapoverhéier bruecht ginn ; vun do aus gouf hen um 3 Auer nomëttes an d'Haus Schmit transferéiert, wou hien och déi nächst Nuecht verbruecht huet. Den anere Muerent ass hien an onbekannt Richting fortgefouert ginn.

De 5. Januar gouf de Misch Streber vun Houfelt (55J) doheem am Haus verhaft, woubäi seng Fra (geb. Marie Ross) an engem Niewenzëmmer agespaart gouf, wou si ower matkritt huet, wéi hiren Mann virgeworf gouf, dat hie Member vun der LPL wir, datt seng 2 Jonge 'fahnenflüchtig' wieren an dat hien no der Liberatioun sech um däitschfrëndleche Buergermeeschter vergraff hätt. Si hunn hien an d'Haus Noé gefouert, wou d'Gestapo hiert Haaptquartéier opgeschloen hat. Do ass en op eneits verhéiert an duerno mat engem Auto oftransportéiert ginn.

Seng Duechter Catherine Streber (26J) ass den 10. Januar festgeholl ginn. Si gouf och vun der



GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

MINISTÈRE D'ÉTAT
CONSEIL NATIONAL DE LA RÉSISTANCE

DIPLOME D'HONNEUR

décerné à Monsieur François THEIS, cultivateur, Hachiville,
né le 12 août 1882 à Hachiville.

qui, au cours de la cruelle période de l'occupation du Grand-Duché par les Allemands pendant la deuxième guerre mondiale (1940-1945), s'est distingué par son attitude patriotique exemplaire.

Son opposition farouche au régime nazi lui a valu sa déportation en Allemagne où il a trouvé la mort.

En reconnaissance des services rendus à la cause luxembourgeoise, la mention «Mort pour la Patrie» lui a été attribuée.

Le Conseil National de la Résistance confirme par le présent diplôme d'honneur que la victime a bien mérité de la Patrie.

Luxembourg, le 25 février 1981

*Pour le Conseil National de la Résistance :*

Le Secrétaire général, Le Président,


A. Raths

Grand-Duché de Luxembourg – Conseil National de la Résistance

Gestapo am Haus Noé verhéiert a beschëllegt, no der Liberatioun der Duechter vum Ortsgruppenleiter eng op de Bak ginn ze hunn. Kee Mënsch wees, wuer si verschleeft gouf.

Den 12. Januar wor d'Rei um Jean Neser vun Houfelt (38 Joer). Hie wor grad bei senger Schwester Marguerite Schmitz-Neser op Besuch an huet an der Wäschkichen héieren, wéi d'Gestapo nogefrot huet, watfir Leit am Cortège vun der Liberatiounsfeier derbäi gewiescht wiren. D'Madame Schmitz huet hirem Brudder de Rot ginn, sech derduerch ze maachen. Dorpshinn ass de Jean Neser op Emweeër bei seng Famill op Helze gaangen. E gouf ower nach dee selwechten Owent vun der Gestapo festgeholl an op Houfelt bruecht, wu en deen aneren Dag mam Auto fortgefouert gouf an ni méi erëm koum.

Den 13. Januar ass zu Houfelt nach eng 5. Persoun verhaft ginn : den Nic. Erler-Neser (28 J). D'Eltere vu senger Fra, den Här an d'Madame Michel Erler-Zeimes woren am Abrell 1944 ëmgesidelt ginn. Am eidelen Haus woren ower nach 2 Refraktäre verstoppt : hire Jong Pierre Neser an deem säi Koseng Baltes Noé. Dës zwéi sinn du bis zur Liberatioun vum Nic Erler versuergt a ravitailléiert ginn. An der Rundstedt-Offensiv as de 16. Dezember 1944 Gestapo am Haus Erler aquartéiert ginn. Den 13. Januar 1945 hu si den Nic Erler festgeholl a mam Auto fort transportéiert.



Zu Helze goufen dee selwechten Dag 4 Persoune vun der Gestapo geholl : de François Theis (62 J), d'Anna Serres (51 J), d'Marguerite Serres (49 J) an hir Niess Léonie Serres.

De François Theis wor net an der Resistenz organiséiert, ma säi Jong Marcel wor active Mëmber vun der LPL a flüchteg. Nodeems datt d'Gestapo den 20. Dezember an duerno nach e puermol nom Jong froe komm woren, hu si de Papp den 13. Januar matgeholl ; wouhinner dat wees keen.

Och d'Anna Serres n hir Schëster Marguerite Serres vun helzen goufen dee selwechten Dag ofgefouert, vläicht well si an der Rundstedt-Offensiv een Amerikaner verstoppt haten, deen d'Preisen an der Famill Serres hirem Schapp fonnt haten. Besonnech tragesch ass, datt mat den zwou Schwësteren och nach hir Niess Leonie Serres vun Esch, ee Kand vu 15 Joer, dat just deen Ament bei hinnen op Besuch wor, matgeholl gouf a grad wéi déi aner ni méi d'Heemecht erëmgesinn huet. »

**Christian Theis**

Rappel 4/2001 pp.490-492

# Gedenkwanderung auf dem Sentier des Passeurs

Bei Schnee und Kälte hat eine Gruppe „Deuxièmes-Schüler" aus dem ALR im Januar 2023 eine Gedenkwanderung auf dem Sentiers des Passeurs von Ulflingen zur Belgischen Grenze gemacht. Begleitet wurden sie vom ortskundigen Fremdenführer Nic Lutgen und François Theis, dem Nachfahren einer Familie aus Helzingen, die im zweiten Weltkrieg in der Resistenz aktiv war.

**Sentiers des passeurs.** Wir wurden von zwei Männern begleitet, die uns spannende und zugleich erschreckende Geschichten und Schicksalsschläge mitteilten. Sie erklärten uns, wie die Menschen, oder wie ich sie nennen würde, Helden, den luxemburgischen Flüchtlingen damals geholfen haben. Aloyse Kremer war einer dieser Helden, einer der sein eigenes Leben tagtäglich aufs Spiel setzte, um anderen beim Grenzübergang zu helfen. Er wurde für mich eine Art Vorbild, denn er zeigt uns, dass wir nie aufgeben und jedem, der in Not ist, eine Hand reichen sollten.

**Noah Heuts**

In Ulflingen sind wir unter realistischen Wetterkonditionen, also in Schnee und Kälte, den „Sentier des Passeurs" abgelaufen sind. Obwohl es kalt war, waren wir alle dick genug angezogen, um der Kälte Stand zu halten. Als die Menschen damals flüchten mussten, mussten sie das in Nacht und Nebel-Aktionen tun, sie waren nicht für die Temperaturen gewappnet und hatten Todesangst, alleine bei dieser Vorstellung gefriert mir das Blut in den Adern und ich bin dankbar, dies nie erlebt haben zu müssen. Nach einem Teil des Weges, hielten wir an einer Informationstafel über Aloyse Kremer, der wohl bekannteste Fluchthelfer unseres Landes. Die Geschichte dieses Mannes zu hören, welcher bereits so früh sein Leben gab für das Überleben von Anderen, hat mich sehr berührt und mir wurde einmal mehr bewusst, wie wichtig es ist, das Andenken solcher Menschen zu bewahren.

**Kies Giulia**

Wieder im Bus, waren alle glücklich sich ein wenig aufwärmen zu können, denn es war sehr kalt und es lag Schnee. Allerdings muss man bedenken, dass die Winter zu der Zeit des zweiten Weltkrieges noch kälter waren und die Geflüchteten und die Fluchthelfer bei weitem nicht so warm angezogen waren wie wir. So ist es für uns unvorstellbar, wie sich diese Menschen fühlen mussten und wie sie litten. Neben der Kälte mussten sie nämlich auch noch wahnsinnige Angst gehabt haben, da sie sehr geschickt vorgehen mussten, um nicht erwischt und auf der Stelle erschossen oder über mehrere Tage gefoltert zu werden. So wollte die SS an Informationen über die anderen Fluchthelfer kommen. Wir wüssten nicht, ob wir zu dieser Zeit den Mut gehabt hätten, dasselbe wie diese jungen Helfer zu wagen. So haben wir sehr großen Respekt vor ihnen und finden, dass sie Helden zu dieser Zeit waren. Abschließend können wir sagen, dass der Tag sehr interessant war und wir würden es jedem weiterempfehlen, den Sentier des passeurs zu gehen.

**Zoé Theis**
**Leni Hanff**







# Kriegserinnerungen meines Uropas Pierre Trausch

Mein Urgroßvater wurde am 5. Juni 1924 in Hosingen geboren. Damit gehört er zu einem der Jahrgänge, die während des zweiten Weltkriegs von den Deutschen zwangsrekrutiert wurden, um in der deutschen Wehrmacht zu kämpfen.

Im Februar 1943 wurde er eingezogen und nach seiner Grundausbildung an die Ostfront in die heutige Ukraine geschickt. Im Mai 1944 wurde er bei Kämpfen verletzt und in einem Feldlazarett notoperiert.

Danach bekam er Fronturlaub, und durfte für kurze Zeit nach Hause. Wie viele andere Luxemburger beschloss er nicht wieder an die Front zurückzukehren. Von Juni 1944 bis September 1944 versteckte er sich bei einer Familie in Neidhausen (Näidsen).

Im September 1944 kamen die ersten amerikanischen Einheiten ins Land. Am 12 September 1944 erreichen die ersten amerikanischen Einheiten Hosingen. Die Luxemburger Zwangsrekrutierten kommen aus ihren Verstecken und bilden Milizen, um den Amerikaner zu helfen und in den Dörfern wache zu halten. Denn, Zu diesem Zeitpunkt ist Luxemburg zwar befreit, aber Nazi Deutschland noch nicht besiegt. Es kommen immer wieder deutsche Einheiten über die Our und liefern sich Gefechte mit den Amerikanern und der Miliz.

Im Morgengrauen des 20. September kommt es zu einem Vorfall in Hosingen. Die Deutschen haben mitbekommen, dass sich die Miliz in einem Haus in Hosingen einquartiert, hat. Für sie beseht die Miliz aus „Fahnenflüchtigen und Verrätern“ die es zu erschießen gilt. Die Soldaten betreten das Haus, doch sie werden bemerkt. Jemand ruft: „D'Preise kommen!“ Da will auch schon ein Soldat mit Maschinengewehr das Zimmer betreten. „Hände hoch“ ruft er, doch mein Uropa knallt ihm die Tür vor die Nase, so dass die Mündung des Gewehrs zwischen Tür und Rahmen eingeklemmt ist. „Zur Fënster raus“ ruft er. Seine Kameraden springen aus dem Fenster, und auch er kann sich durch das Fenster retten.

Andere Milizionäre liefern sich eine Schießerei mit den Soldaten. Dabei sterben 3 Soldaten und ein junger Luxemburger von 17 Jahren. Nachdem die Amerikaner aus dem Nachbardorf anrücken, ziehen sich die Deutschen zurück.

Nach wiederholten Kämpfen werden die Dörfer um Hosingen am 24. September evakuiert. Am 16. Dezember startet ein groß angelegter Gegenangriff der Deutschen; die Rundstedt Offensive. Während der 2 Monate dauernden Kampfhandlungen werden die Dörfer im Oesling zum Teil komplett zerstört, und die Menschen müssen nach dem Krieg ihre Dörfer neu aufbauen selected.

**Sarah**

# D'Soldbuch vum Jean Watry



DES LID STAMT AUS DER GEFANGE-
SCHAFT AN GET GESONG OP D'MELODI
LËTZEBÜRG DEM LËTZEBÜRGER
COMPIÈGNE MARZ ABREL 1945

1) Vun dohem hu mir must goen
vun der Mamm voll Suerg a Led
well d,Barbaren ons gezwongen
un ze doen [illegible] preisescht Kled;

2) Ger hu mir jo net verloßen
ons lewt schent kleng Hemechsland
dach mir rechen alleguerden
onser Großherrzogin d,Hand.

3) An der Friemt an der Kaseren
de eng hei de aner do,
ke fun ons mecht dât jo geren
daß fir ons de schrecklechst Plo.

4) Hongrebh ,dreckech durch an durch
dach mir fügen onsjo ger
well et kennt fu Lezeburg
oft e Bref e Pack ~~erbei~~.

5) Musse mir och dan ant Feier
fällt och en aus onser Rei
mir erkafen d,Freihet deier
Lezeburg du ges rem frei;

6) Lewe Herrgott du do uewen
heer du onst groest Gebet
loß rem blenken ons drei Fuerwen
iwer onsem ~~sehene~~ ~~Stedt~~.
schenen Heem

AM JULI 1943 SIN ECH WÉI MENG ANER LEZE-
BUERGER KOMERODEN A DEITSCH ARME GE-
ZWONGE GIN. D'SOLDBUCH DAT WAR DEN PER-
SÉINLECHEN WEHRPASS. DÉI ZWÉI TELLER,
DE LEFFEL AN D'MESSER HUN ECH MIR AN
DER AMERIKANESCHER GEFANGESCHAFT
FIR MECH ZE BEKESCHTEGEN GEMACH.
DAT STÉCK STOFT OP DËM KLENGEN TELLER,
WEIST D'KROUN, DÉI DREI FAARWEN, ROUT-
WÄIS A BLO, AN D'BUSCHTAFEN „FL„ FIR FREI
LEZEBUERG. DÉI ÉISCHT ORGANISATIOEN FUN
LEZEBUERGER JONGEN AN DËR GEFANGESCHAFT
MIR HUN ONS DAT ZEECHEN ALL SELWER VUN
WOLLFIEDEM GEMACH, AN UM LENKEN
AREM GEDROEN.

## Auschwitz : Momenter,
## déi eis am Meeschte beweegt, ergraff, getraff, matgeholl, …hunn.




*Ee Raum voller Geschichten, …*
*an de verzweiwelte Versuch se ze erzielen.*
*Mir feelen d'Wieder fir méi…*

Lynn Schneider (2CC)



*Der Raum, den viele Personen betreten haben, allerdings niemand wieder lebend verlassen hat.*

Max Séront (2GSO)



*Ein Ledergürtel als Überlebensobjekt.*
*Der Häftling, dem er gehörte, war fest davon überzeugt zu sterben, falls er ihn eintausche.*
*Gleichzeitig dokumentieren die Löcher im Gürtel sein fortschreitendes Abmagern…*
*Bewegend!*

Liana Kang



*Das spätere Leben, für viele eine versprochene Hoffnung, …die jedoch gleich der Vergangenheit angehört. Die Ankunft in diesem Lager war für die meisten, das oft viel zu frühe Ende.*

Noemie Pierre (1CG)




*D'Ausgrenzung, d'Verfolgung, Deportatioun, klaue vun de Wäertsaachen an der Dignitéit, onmënschlech an onwierdeg Behandlungen a schliisslech den Doud … dat ass d'Geschicht vu Millioune vu Kanner, Fraen a Männer aus allen Altersschichten.*

*Traureg an onbegräiflech.*

Monique Jaeger



*Ob enger Platz wou Millioune vu Mënsche gelidden hunn, kommen hautdesdaags ignorant Leit dohinner, a mengen dass et ubruecht wier an enger Barack Häerzer ze kritzelen. Déi Kritzeleien hu mech extrem fäerdeg gemaach, well ech net verstinn wei een ob sou Platzen sech sou schlecht behuele kann.*

*Wann een net weess, wéi een sech zu Auschwitz behuele soll, da soll en och aus Respekt net dohinner goen.*

Lisa Zigliana (2GSO)



*D'Kanner krute méi mat, wéi ee mengt.*

Nicolas Baum (1CC)




*Zu Auschwitz stéisst d'Sprooch un hir Grenzen.*

## Films













## Podcasts







Um Internetsite vum Atert-Lycée Réiden fannt Dir nach weider Filmer, Podcasten, Fotoreportagen, Texter, Recherchen, Dokumenter a villes méi vu Schüler an Enseignanten.

**alr.lu/jcn**

**E grousse Merci geet un:**

- den Atert-Lycée Réiden, mat senger Direktioun, den Enseignanten aus de verschiddensten Departementer, dem Service technique an administratif a virun allem de ville Schülerinnen a Schüler déi mat vill Engagement a Professionalitéit dëse Programm opgestallt hunn an en, op hir originell Aart a Weis, e Sonnden, de 15. Oktober presentéieren.
- d'Gemeng Réiden mat hirem Buergermeeschter
- all deenen, déi Artikelen, Videoclips, Podcasts, Témoignagen geliwwert hunn
- de Membere vum Comité pour la Mémoire de la Deuxième Guerre mondiale
- dem Service Mémoire vum Ministère d'État


Coordinatioun : Direktioun a Professeren aus dem Atert-Lycée Réiden, Guy Dockendorf

Layout : Arthur Bour

Drock: Imprimerie Centrale




Denkmal

# Homage

Dëse Cover gouf zesummegestallt aus ënnerschiddlechen Zeechnungen an Andréck vu Schüler*innen, déi dës wärend de Besichtegunge vu Gedenkstätten a Monumenter an hire Skizzenhefter festgehalen hunn.

BERG Tamara
CIACCIA Gianluca
HOFFMANN Chloé
LOPES DA COSTA Erica
LUX Ina
METTENDORFF Félix
RAACH Lena
RAMANITRA Ashley
SCHNEIDER Leni
STAS Chiara